

BIGS

**Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl**

RCS F1763 siège social: 5, rue de Limpach L-4986 SANEM

**association agréée dans la protection de la nature**

#fir de besch

# GENERALVERSAMMLUNG

# vum 25. Mäerz 2026

## Centre culturel Sanem

## 20 h Uerdentlech Generalversammlung

Ordre du Jour:

1. Begréissung a Kontroll vun de Präsenzen resp. vun den Prokuratioune
2. Unhuele vum Ordre du Jour
3. Aktivitéitsbericht vun 2025
4. Finanzbericht vun 2025 (Bilan)
5. Bericht vun de Keessereviseuren
6. Unhuele vun de Berichter an Entlaaschtung vum Conseil d’administration an dem Trésorier
7. Bericht iwwer d’Ännerungen op der Lëscht vun de Membres associés
8. Festleën vun der Cotisatioun fir 2026 an dem Délai fir d’Bezuelen
9. Wal resp. Bestätegung vum CA a vun zwee Keessereviseur.inn.en
10. Aktivitéiten 2026
11. Présentatioun an Unhuele vum Budget fir 2026
12. Fräi Aussprooch
13. Schlusswuert

# 3. Aktivitéitsbericht 2025 / 2026

## Aktivitéiten no bannen:

- **Versammlungen vum Conseil d'administration an Austausch iwwert Courriel an What'sup**
- **Techneschen Aarbechtsgrupp**
- **Austausch mam Me Wies**
- **Entrevue mam Service écologique, Biomonitor a Kronospan**

## Aktivitéiten no baussen:

- **2 Infoblieder an 1 édition spéciale**
- **5 Pressecommuniqués**
- **Interviews op RTL-Télé, Tageblatt, Wort zu den Themen CONTOURNEMENT**
- **Facebook 638 followers**

## Participatioun vun eise Membres:

**Member an der Entente des Sociétés vu Suessem, 1 Vertrieder an 1 Vertriederin an der Ëmweltkommissioun**

- **Grouss Botz, Nationalfeierdag, Matgesfest, Journée commémorative**
- **Infoversammlung Ministère de l'Environnement, Ministère de l'Economie, Ëmweltkommissioun a KRONOSPAN**



**Entwécklungen am Dossier KRONOSPAN**

Och am **Joer 2025** gëtt et eng ganz Rei Plaintes vun den Awunner.innen vun de Gemengen Suessem an Déifferdeng géint d'Nuisances wéi Geroch, Stëpps a Keméidi.

- Op Ufro vun der Gemeng Suessem huet KRONOSPAN de **26. August 2025** Bierger.innen bei sech invitéiert fir kennen à voix vive hier Kloen virzedroen. D'BIGS gouf vun interesséierte Bierger.innen kontaktéiert och bei dëssem Treffen derbäi ze sinn – de Romain Borrelbach an d'Patrizia Arendt, beid Membres vun der Ëmweltkommissioun zu Suessem hunn dat dunn och gemaach.
- Hei goufen vill Froe gestalt an d'Léit wuare wierklech opbruecht a rosen. Et wuar kloer, dass si sech net méi gingen vertréischte loosen an dass elo eppes Konkretes misst geschéien.
- D'BIGS hat e Sitzungsprotokoll verfaasst deen alle Bedeelegten ënnerbreet gouf.

**17.09.2025** An engem gemeinsame Kommuniqué vu BIGS a MOUVEMENT Ecologique gouf gefrot e Comité d'accompagnement ze grënnen wou esouwuel Vertrieder.innen vun de Schäfferéit, Ëmweltkommissioune, der BIGS an dem Mouvement sollte vertruede sinn; nom Modell ARCELOR-MITTAL zu Esch.

**04.02.2026** Am Februar ass et dunn zu engem interne Treffen tëschent der KRONOSPAN, engem Vertrieder vum TüV-Rheinlandpfalz, vu BIOMONITOR, vum Service Ecologique vu Suessem, engem externen Expert an engem Member vun der BIGS komm. Hei gouf festgehalen, dass 1-2 mol d'Joer esou en Treffen/Austausch sollt stattfannen.

**05.02.2026 Net ëffentlech Versammlung** têschent de Gemengeréit an den Membres vun der Ëmweltkommissioun vu Suessem an Déifferdeng, mat jeweils 1 Vertrieder vum Ëmwelt- an Economie-Ministère a KRONOSPAN.
Hei gouf dann och mol **offiziell bestätegt**, dass net alles bei KRONOSPAN an der Rei ass an dass et eng Reih **Nonkonformitéite** gëtt, déi bis Enn 2026 mussen behuewe ginn.

An den 2 **Rapports d'expertise** um Site vum **Ëmweltministère** ginn, fir **2025** zesummegeholl **12 non conformités mineures** an och **7 non conformités significatives** vermierkt.

- **Nuetskaméidi** - et bestätegt sech, dass de Kaméidi Nuets regelméisseg iwwert dem Grenzwäert läit / KRONOSPAN selwer konfirméiert bei hieren Tester 94 % Konformitéit
- **Geroch** – och hei ginn Iwwerschreidungen festgehalen bei Formaldehyd an Ammoniac (2 kriibserregent Substanzen) / KRONOSPAN huet dat endlech zouginn awer agelenkt, dass si no den amerikaneschen Normen gingen fueren a net no den europäeschen (an dat säit der Grënnung viru 40 Joer!)
- **Stëpps** – och hei ginn Problemer mat der Filteranlage an der Installatioun u sech / KRONOSPAN huet versprach den techneschen Probleme kuerzfristeg ze behiewen, méi Formatioune bei hierem Personal duerchzeféieren (fir dass Problemer éischter erkannt ginn) a méi séier ze reagéieren am Fall vun Depassementer.

**De Vertrieder vum Ëmweltministère huet KRONOSPAN an der net ëffentlecher Versammlung opgeruff déi genannten Mängel ze behiewen, ouni awer Konsequenzen ze nennen fir de Fall wou dat nees net geschitt.**

LINK zu den rapports d'expertise um Site vum Ëmweltministère :
https://environnement.public.lu/fr/emweltprozeduren/Autorisations/Etablissements_classes/IED/arretes-ied/autres-activites/kronospan.html


Bobësch
NATURA 2000

## Entwécklung am Dossier Contournement (zënter GV 26.03.2025)

**Enn März 2025**
**Affekotewiessel** : Me Olivier Lang (changement de profession) → **Me Frank Wies**.

**02.04.2025**
**Ufro beim Emweltministère** : Ass d'Emklasséirung vum Bobësch als Natura2000-Zone schon der europäischer Kommissioun matgedeelt gin?

**02.05.2025**
**Äntwert :** Eléischt wann zu Lëtzebuerg d'Prozedur fäerdeg ass! Dat ass awer géint d'Naturschutzgesetz (Art.31)!

**19.05.2025**
**1.Treffe mam Me Wies**. Mer froen, e „mémoire supplémentaire" kënnen ze deposéiren fir op dat neit Argument vum Staat z'äntwerten, de Bobësch als nei Natura2000-Zone misst guer net vu Bréissel approuvéiert ginn, well dat eng „mesure compensatoire" wir, an dee Bësch hätt och kee „statut de protection temporaire" (deen him awer vun der Jurisprudenz zouerkannt gëtt!).

**13.08.2025**
De **Geriichtspresident** accordéiert eis en zousätzleche mémoire.

**12.09.2025**
2. Treffe mam **Me Wies. Zousätzleche mémoire** gëtt den 13.10.2025 déposéiert, den Affekot vum Staat äntwert den 15.12.2025. D'Affär bleift op den 16.12.2026 pour plaidoirie fixéiert.

**29.10.2025**
**Stellungnam zum Bau vun enger Wëldbréck iwwer d'A13** (mam Mouvement Ecologique Sud). Esou eng Bréck ass sënnvoll als Kompensatiounsmoossnam no der Eréffnung vun der Collectrice du Sud 1997. Awer de Contournement giff dee neie gringe Couloir erëm duerchschneiden, et wir also keng Kompensatiounsmoossnam fir de Contournement.

**05.11.2025**
**Stellungnam zu den ugekënnigten Aarbechten um Contournement** (mam Mouvement Ecologique Sud). Laut Planning giff schon 2026 vu Käerjeng a vun der Cité Tornaco aus op den Zämerbësch an op de Bobësch lassgebaut ginn. Déi zwee Bëscher giffen eléischt 2030 touchéiert ginn. Domatt gi se implizit zou, dass déi Bëscher e spezielle Schutzstatuts hunn an dass op d'Uerteel gewart gëtt. A grat duefir fuedere mer, dass iwerhapt net mam Contournement ugefaange gëtt! (Präzedenzfall Contournement de Beynac) Et ass och nach keng Ausschreiwung do fir kënnen unzefänken.

**02.12.2025**
**Stellungnam zum Contournement vun Dippech** (mat Mouvement Sud a natur&ëmwelt Suessem). Laut „Wort“ soll zu Dippech kee klassesche Contournement méi kommen an de Verkéier vum Contournement vu Käerjeng aus soll net dohi weidergefouert ginn. De Verkéier vu Käerjeng soll esou reduzéiert ginn, dass net méi Autoen duerch Dippech fuere wéi bis elo (12.829 läscht Joer). Mer weisen drop hin, dass d’Planer vum Käerjenger Contournement vun 22.300 Autoe Richtung Dippech ausginn. Mir ruffen déi Dippécher op, mat eis zesumme no neie Léisungen ze sichen dorënner de Verzicht op de Contournement vu Käerjeng.

**13.12.2025**
Bei enger **symbolischer Bamplanzaktioun** hu mer 4 Eechen an 10 Hobiche nei gesat – op deër Plaz am Bobësch, wou virun 3 Joer 12 Ar Bësch ewech gehae gi sinn. Mer wollten domat och ënnersträichen, dass de Bobësch elo scho besonnesch geschützt ass. Mer hun duefir eng Banderoll „Bobësch Natura2000“ op deër Plaz opgehangen, déi eis d’Gemeng Käerjeng awer erofgeholl huet mam Argument, mer hätte keng Autorisatioun ugefrot.

**18.12.2025**
**D‘Airliquid-Leitung** fir d’Industriezone Käerjeng gëtt an de Bëscher ugeschloss nodeems do schon am Dezember 2022 d‘Beem ewech gehae gi sinn mam Argument, nei Gasleitunge missten dringend un dee neien Uewe vu Luxguard ugeschloss ginn fir herno d’Produktioun net méi missten z’ënnerbriechen. Um Schnellgeriicht gouf deemols decidéiert, dat ékonomecht Argument giff virum Intérêt vun der BIGS stoen, e begrenzte Schued un der Natur ze verhënneren. Niewent eis ass och de Riichter ugeschass ginn, well: den Uewen ass am Juni 2023 a Betrib geholl ginn, d’Strooss ass awer eléischt am November 2023 fir déi nei Leitungen opgerappt ginn, d’Airliquid-Leitung ass am Dezember 2025 ugeschloss ginn an d’Creos-Leitung ass eléischt fir Summer 2026 virgesinn. **Dobäi wir et guer net néideg gewiescht, déi Leitungen 6 Meter déif ënnert der Stross ze verleën** well d’Pläng fir de Contournement geännnert haten a keng Bréck iwwer d’Strooss méi soll gebaut ginn an d’Strooss net méi muss ofgesenkt ginn.

**Dezember 2025**
Am **Infoblat 17** hu mer e Réckbléck iwwer d'Ofholzungen bei der Käerjeng-Suessemer Gare am Kader vum Fake-Projet „Wëldbréck“ gemeet (et ass a Wierklechkeet em d'"Contournementsbréck“ gaangen) deen antëschent fale gelooss gouf.

**Januar 2026**
Am **Infoblat 18** si mer op eis Aktioun vum 13.12. an op verschidden Entwécklungen zréckkomm an hun eis Haptargumenter viru Geriicht resüméiert.

**06.02.2026**
**An enger Reunioun vun eisem groupe technique Contournement** (zesumme mat Mouvement Ecologique Sud an natur&ëmwelt Gemeng Suessem) hu mer festgestallt, dass **d'Joer 2026 kruzial giff ginn fir d'Oppositioun géint de Contournement weider z'organiséiren.**



**<u>Wéi elo weider? (Reunioun vum 6.2.2026)</u>**

- An der **Chamber** schengt de Versuch definitiv gescheitert ze sinn, an enger Motioun d'Regirung opzefuederen, mam Bau vum Contournement trotz dem Recours unzefänken.

- Eisen Argumentaire **„Contournement de Bascharage: Voilà pourquoi nous y restons opposés“** gouf vum groupe technique guddgeheescht. Och e weideren Text **« Contournement de Bascharage: Les motifs d'annulation devant le tribunal administratif“** steet elo Interessenten zur Verfüjung.

- Et läit nach keng **Autorisatioun vum Waasserwirtschaftsamt** vir, ouni déi net kann ugefaange ginn; mer werte weider den Autorisatiounsdossier studéire fir kënnen de „moment venu“ z'intervenéiren, en 1. Avis vun engem vun eise Matarbéchter hu mer scho kritt.

- Et ass nach net mat de **Plantatiounen** vu neie Beem südlech vum Bobësch ugefaange ginn.

- De **RGD Dreckwiss** war de 6.2.2026 nach net publizéiert, ass et awer zënter kuerzem, hie giff et erlaben an der ZPIN op Héicht vun der Cité Tornaco mat bauen unzefänken, wann aner Bedingungen, wéi d'Waasserautorisatioun, erfëllt sinn.

- Den **RGD défrichement** ass nach net geholl.

- Beim **Déplacement vu Saint Gobain** gëtt et wuel nach keng Decisioun.

- Et schengen och nach net all **Emprisen** op privat Terrainë geholl ze sinn.

- **Hanebësch**: Mer hun e Bréif un den Emweltminister préparéiert fir déi illegal Ofholzdecisioun zréckzezéien. Hei läit keng „raison impérative d’intérêt public“ vir, déi a Präsenz vun europäisch geschützten Aarte awer nogewise muss ginn.

- **Etude Kordall**: Mer sollten d’Gemeng relancéiren fir eis iwwer déi bisherig Resultater vun de Gespréicher z’informéiren.

- **Sécherheetsofstänn GUARDIAN**: Mer sollten eis weider informéiren iwwer den Dossier. Anzwëschen ass de RGD eraus, de CT ass wéi erwaart betraff.

- **Virun allem sollte mer demnächst déi ëffentlech Informatiounsversammlung vum 20. Abrëll zu Suessem, mam Me Frank Wies virbreeden (Verdeelung Flyer zu Suessem an zu Käerjeng).**



4. Finanzbericht

5. Bericht vun de Reviseurs



BIGS asbl Biergerinitiative Gemeng Suessem asbl
Association sans but lucratif
RCS: F 1763
Siège social: 5, rue de Limpach L-4986 SANEM

## *Rapport d'activités financières 2025*

soldes au 01.01.2025

| | | |
|---|---|---|
| CCP | 0,00 | |
| Raiffeisen CCR | 1654,52 | |
| Raiffeisen CàV | 16862,48 | |
| caisse espèces | 0,00 | **18.517** |

| | | RECETTES | DEPENSES |
|---|---|---|---|
| Membres 2025 | | 400,00 | |
| Jetons commission environnement | | 660,11 | |
| Subside commune | | 600,00 | |
| Recettes participation action/commune | | 44,00 | |
| Dons | | 27475,63 | |
| Intérêts | | 108,33 | |
| ***Frais administratifs*** | | | 69,03 |
| Assurance | | | 127,70 |
| Frais bancaires Raiffeisen | | | 25,00 |
| Frais compte P&T | | | |
| Payconiq | | | 20,46 |
| Abonement Internet | | | |
| Cotisation entente des sociétés Sanem | | | 10,00 |
| Frais CàV | | | |
| ***Frais d'avocat*** | | | 31588,83 |
| ***Actions rue/Bësch*** | | | |
| Baamplanzaktion 13.12.2025 | | | 547,11 |
| | | | |
| TOTAL | | 29.288,07 | 32.388,13 |

**RESULTAT DE L'EXERCICE 2025= Mali** **3.100,06**

soldes au 31.12.2025 **15.416,94**

| | | |
|---|---|---|
| CCP | 0,00 | |
| Raiffeisen CCR | 1.911,13 | |
| Raiffeisen CàV | 13.505,81 | |
| caisse espèces | 0 | **15.416,94** |

Lu et approuvé
11. 02. 2026



## *Rapport d'activités financières 2025*

soldes au 01.01.2025

| | |
|---|---|
| CCP | 0,00 |
| Raiffeisen CCR | 1654,52 |
| Raiffeisen CàV | 16862,48 |
| caisse espèces | 0,00 |

**18.517**

soldes au 31.12.2025

| | |
|---|---|
| CCP | 0,00 |
| Raiffeisen CCR | 1.911,13 |
| Raiffeisen CàV | 13.505,81 |
| caisse espèces | 0 |

**15.416,94**

**RESULTAT DE L'EXERCICE 2025= Mali** **3.100,06**

## *Rapport d'activités financières 2025*

| | | RECETTES | DEPENSES |
|---|---|---|---|
| Membres 2025 | | 400,00 | |
| Jetons commission environn | | 660,11 | |
| Subside commune | | 600,00 | |
| Recettes participation actior | | 44,00 | |
| Dons | | 27475,63 | |
| Intérêts | | 108,33 | |
| ***Frais administratifs*** | | | 69,03 |
| Assurance | | | 127,70 |
| Frais bancaires Raiffeisen | | | 25,00 |
| Frais compte P&T | | | |
| Payconiq | | | 20,46 |
| Abonement Internet | | | |
| Cotisation entente des sociétés Sanem | | | 10,00 |
| Frais CàV | | | |
| ***Frais d'avocat*** | | | 31588,83 |
| ***Actions rue/Bësch*** | | | |
| Baamplanzaktion 13.12.2025 | | | 547,11 |
| | | | |
| TOTAL | | 29.288,07 | 32.388,13 |

**RESULTAT DE L'EXERCICE 2025= Mali** **3.100,06**

# 6. Unhuele vun de Berichter an Entlaaschtung vum Conseil d'administration an dem Trésorier



# 7. Changementer Membres associés

Keng Ännerungen op der Lëscht vun de **Membres associés**.

| PRENOM | NOM | |
|---|---|---|
| Patrizia | ARENDT | Sanem |
| Denise | BEFFORT | Bascharage |
| Paul | BETTINGER | Sanem |
| Romain | BORRELBACH | Sanem |
| Myriam | CECCHETTI | Sanem |
| Arthur | FEYDER | Bascharage |
| Marco | GOELHAUSEN | Belvaux |
| Marc | HAAS | Soleuvre |
| Irina | HOLZINGER | Belvaux |
| Frédérique | SOMOGYI | Sanem |
| Sandra | KIPCHEN | Sanem |
| Paolo | PANTALEONI | Soleuvre |
| Daniel | SCHMIT | Assel |
| Serge | URBANY | Sanem |

## 8. Festleën vun der Cotisatioun fir 2026 an dem Délai fir d'Bezuelen

**10 € / 31.12.2026**

## 9. Wal resp. Bestätegung vum Conseil d'Administration

| |
|---|
| Arendt Patrizia |
| Bettinger Paul |
| Cecchetti Myriam |
| Goelhausen Marco |
| Haas Marc |
| Somogyi Frédérique |
| Kipchen Sandra |
| Pantaleoni Paolo |
| Urbany Serge |

## 2 Keessereviseurs

| |
|---|
| Jean-Marie Haas |
| Pierre Jungers |

# 10. Aktivitéiten 2026

Zesummenaarbecht mat eise **Partner dem Mouvement Ecologique régionale Sud** an der **Natur&Ëmwelt Gemeng Suessem** weider féieren a nei Synergie sichen.

**CONTOURNEMENT**

- Informatiounsversammlung zu Suessem am Hall Polyvalent den 20. Abrëll 2026 (Flyer toutes boites)
- Gemeinsam Pressekonferenz mam Dossier „Argumentaire“ (virum Summer 2026)
- Presseartikelen, Aktiounen am Bësch (iwwert dat ganz Joer)
- Weider Koordinatioun tëschent BIGS, Mouvement Sud an Natur&Ëmwelt iwwert de Groupe technique
- Weider juristesch Schrëtt wa néideg an opportun
- Virbereedung op eisen 25. Anniversaire (Grënnung vun der BIGS 09.04.2002)

**KRONOSPAN**

- Um Ball bleiwen, weider Plaintes vun de Bierger.inne sammelen, Entrevues froe wa néideg etc…

**Aktiv als Veräin**

- Participatioun un der MARCHE POUR LA TERRE (22.04.2026)
- Partizipatioun u groussen Evenementer an eiser Gemeng
- Stand um Zolwermoart , Matgesfest …

# www.bigs.lu e neie look ass néideg !

Eise Web-Master Pol huet scho gutt geschafft. De neie Site wäert geschwenn online goen !

**25e Anniversaire vun der BIGS  2027**

Eng Manifestatioun an der Gemeng mat dem Historique, Kulturprogramm
an engem neie Film an engem neie Räpp ?

# 11. Présentatioun an Unhuele vum Budget fir 2026

BIGS asbl Biergerinitiative Gemeng Suessem asbl
Association sans but lucratif
RCS: F 1763
Siège social: 5, rue de Limpach L-4986 SANEM

## *Prévision Budget 2026*

| | | RECETTES | DEPENSES | |
|---|---|---|---|---|
| Membres 2026 | | 400 | | |
| Jetons commission environnement | | 600 | | |
| Subside commune | | 600 | | |
| Recettes participation action/commune | | | | |
| Dons | | 25000 | | |
| Intérêts | | 130 | | |
| ***Frais administratifs*** | | | 345 | |
| RCS/RBE | | | | 25 |
| Assurance | | | | 130 |
| Frais bancaires Raiffeisen | | | | 100 |
| Payconiq | | | | 75 |
| Cotisation entente des sociétés Sanem | | | | 10 |
| ***Frais d'avocat*** | | | 25000 | |
| ***Actions rue/Bësch*** | | | 1500 | |
| | | | | |
| Matgesfeld | | 115 | | |
| | | | | |
| **TOTAL** | | 26845 | **26845** | |

| RESULTAT 2026 | **0** |
|---|---|

| avoir au 20.03.2026 | | |
|---|---|---|
| Raiffeisen CCR | | 3184,48 |
| Raiffeisen CàV | | 13505,81 |
| caisse espèces | | 0,00 |
| | | |
| | | **16690,29** |

**BIGS**

**Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl**

RCS F1763 siège social: 5, rue de Limpach L-4986 SANEM

**association agréée dans la protection de la nature**

*bigs@pt.lu*
*www.bigs.lu*

**2026**

# MEMBRE
## DONATEUR/TRICE

**carte membre 10 €**
**solidarité**

**#firdeBësch**
**#firdeMënsch**
**#Bobibleift**
**#keeContournement**

**carte membre 10 €**

**don de solidarité**

**Collecte de fonds**
pour financer le **RECOURS**
pour la **préservation** de la
**ZONE-NATURA-2000**

**Zäemerbësch/Bobësch**

**CCRALULL IBAN LU63 0090 0000 7355 2416**

**Raison impérative d'intérêt public majeur initiale:**

Déi aktuell NOX-Wäerter wouwéinst et 2018 zum Vott vum Finanzéierungsgesetz vum Contournement koum !

avenue de Luxembourg à Bascharage

- 2016 = 40 µg/m3
- 2017 = 38 µg/m3
- 2018 = 42 µg/m3
- 2019 = 38 µg/m3
- 2020 = 29 µg/m3
- 2021 = 27 µg/m3
- 2022 = 25 µg/m3
- 2023 = 20 µg/m3
- 2024 = 17 µg/m3
- 2025 = 22 µg/m3






12. Fraï Ausssprooch
13. Schlusswuert


MARCHE
POUR
LA TERRE
22 Abrëll 2026

BIGS

Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl

Merci fir den Interessi an d'Nolauschteren !

Bleift weider kämpferesch an ënnerstëtzt d'Ëmweltoganisatiounen!

Gidd Deel vum Widderstand !

#firdeBësch #keeContournement

**CCRALULL IBAN LU63 0090 0000 7355 2416**

**Solidaritéit – DON**